N° 7464
Entrée le 11.01.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 11.01.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Januar 2023

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Et gëtt kee Gesetz, dat hei am Land d'Benotze vun Smartphonen a Schoule verbitt oder erlaabt, wat doru läit, datt esou e Smartphone-Verbuet an d'Perséinlechkeets- an Eegentumsrechter vum betreffende Schüler agräife géif. A Bayern gouf e Smartphone-Verbuet a Schoulen duerchgezunn. Do war d'Benotze vum Smartphone just an Noutfäll an zu Unterrechtszwecker erlaabt. Obschonns dës Reegelung an deem däitsche Bundesland mëttlerweil gelackert gouf, schwätze vill Argumenter fir e generellt Smartphone-Verbuet a Schoulen, z.B. de Konzentratiounsverloscht, deen duerch d'Benotze vum Smartphone verursaacht gëtt, mee och d'Méiglechkeeten, déi e Smartphone bitt, fir bei Tester ze knäipen. Cyber-Mobbing wärend dem Unterrecht an d'Ofhuele vun der realer Konversatioun a Pausen duerch déi virtuell Smartphone-Kommunikatioun si weider Argumenter.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Wéi steet den Här Minister zu engem generellen Smartphone-Verbuet an eise Schoulen?
2) Huet den Här Minister zum Thema Smartphone an de Schoule Recommandatiounen un d'Primärschoulen an d'Lycéeën erausginn? Wann net, ginn et Iwwerleeungen am Ministère, fir de Schoulen an deem Kontext eng bestëmmt Approche ze recommandéieren?
3) Kann den Här Minister preziséieren, ob et a verschiddene Schoule sougenannt „Smartphone-Zonen" gëtt, an deenen d'Benotze vum Smartphone erlaabt ass? Wa jo, huet an deene Schoulen d'Léierpersonal d'Méiglechkeet, Smartphonen, déi ausserhalb vun dësen Zone benotzt ginn, ze konfiszéieren? Wa jo, ënner wéi enge Bedéngungen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten